PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Als "Invité vun der Redaktioun" am RTL-Interview vum 12te Mee, huet d'Madamm Ministesch bestätegt, neit Personal agestallt ze hunn, dat si bei hirer Aarbecht am kommende Joer am Ëmweltministère soll ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune goufen zousätzlech agestallt?
2. Wéi laang huet d'Astellungsprozedur am kierzeste Fall an am längste Fall gedauert vun der Ausschreiwung vum Poste bis zum Ënnerschreiwe vun de Kontrakter?
3. Goufe Persoune gekënnegt oder versat oder koume just Mataarbechter dobäi?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député